

# Gemengebuet 01/2025



## Heures d'ouverture Bureau de la population/État civil

Lundi-jeudi : 08:00 - 11:30 & 13:00 - 16:00 / Vendredi : 8:00 - 14:00

Sur rendez-vous\*:

Mardi : 16:00 - 18:30 / Vendredi : 07:00 - 08:00

\*Demander votre rendez-vous par téléphone (35 01 13-250), par e-mail (population@schuttrange.lu), en ligne (www.schuttrange.lu/prise-de-rendez-vous) ou par code QR.



### Collège des bourgmestre et échevins

T. 35 01 13-1

Claude **MARSON**, *bourgmestre*  
Serge **EICHER**, *échevin*  
Andrew **KISER**, *échevin*

### Conseillers communaux

Jean-Marie **ALTMANN**  
Nora **FORGIARINI**  
Jean-Pierre **KAUFFMANN**  
Annemarie **NAGEL**  
Jules **SAUBER**  
Serge **THEIN**  
Paul **THEISEN**  
Nicolas **WELSCH**

### Accueil

T. 35 01 13-1 / F. 35 01 13-259  
Natascha **PARAGE-KIMMEL**

### Secrétariat

T. 35 01 13-220 / F. 35 01 13-229  
secretariat@schuttrange.lu  
Alain **DOHN**, *secrétaire communal*  
Annick **GUT**  
Joëlle **HUBERTY**  
Robert **MANNES**  
Ranjit **NEUMAN**

### Bureau de la population, État civil

T. 35 01 13-250 / F. 35 01 13-259  
population@schuttrange.lu  
Vincent **NICLOU**, *chef de service*  
Barbara **CASH**  
Ronny **LUX**

### Recette communale

T. 35 01 13-230 / F. 35 01 13-239  
recette@schuttrange.lu  
Mireille **REDING**, *receveur communal*

### Service financier, Facturation

T. 35 01 13-230 / F. 35 01 13-239  
facturation@schuttrange.lu  
Florian **ALTMANN**  
Laurent **HARTZ**  
Cécile **STRONCK**

### Relations publiques, Réservations

T. 35 01 13-600  
relations.publiques@schuttrange.lu  
Vicky **JUNGBLUTH**, *chef de service*  
Philippe **LENTZ**  
Larry **DA LUZ**

### Service de l'environnement et de l'énergie

T. 35 01 13-260 / F. 35 01 13-249  
Daniel **FLIES**

### Service Urbanisme

T. 35 01 13-260 / F. 35 01 13-249  
Tania **VELEZ**, *chef de service*  
Cédric **NÉRÉ**

### Service technique

T. 35 01 13-240 / F. 35 01 13-249  
servicetechnique@schuttrange.lu  
Daniel **PACIOTTI**, *chef de service*  
Kelly **SEPULVEDA**, *secrétariat du Service technique*  
Rodrigo **CLAUDIO**  
Victor **NEUMANN**  
Raoul **PETRY**  
Michel **SCHOMMER**  
Paul **SCHUMMER**  
Daniel **GIALLOMBARDO**, *agent municipal*

### Atelier technique

T. 35 01 13-262 / F. 34 17 51

### Enseignement

T. 35 98 89-320 / F. 35 98 89-398  
Joëlle **MAX**, *présidente du Comité d'école*  
Steve **BACK**, *service scolaire*

### Service Concierges

T. 35 98 89-340 / F. 35 98 89-359  
Oliver **PLEYER**, *chef de service concierges*

### Maison Relais, Crèche

T. 35 98 89-371 / F. 35 98 89-379  
GSM 621 154 707

### Schëtter Jugendhaus

T. 26 35 07 90 / F. 26 35 07 91

### Recycling Center

T. 34 72 80 / F. 34 72 81

### Centre forestier

Pit **LACOUR**, *préposé-forestier*  
T. 247 - 56694 / 56688  
GSM 621 202 102

### Office Social Ieweschte Syrdall

T. 27 69 29-1

### Service de médiation de voisinage

GSM 621 673 648  
mediation@schuttrange.lu

### Syrdall Heem Asbl

Aide et soins à domicile, centre du jour  
T. 34 86 72

### Police

T. 113

### Police - Commissariat Syrdall

T. 244 78 1000

### Appel d'urgence

T. 112

# Gemengebuet 01/2025



<b>Gemengerot vum 27.11.24 &amp; 11.12.24</b>	<b>4</b>
<b>Conseil communal du 27.11.24 &amp; 11.12.24</b>	<b>15</b>
<b>Local council meeting 27.11.24 &amp; 11.12.24</b>	<b>25</b>



<b>Offiziell Informatiounen</b>	
<b>Informations officielles</b>	
<b>Official information</b>	<b>40</b>



<b>Klimapakt</b>	
<b>Pacte climat</b>	
<b>Climate pact</b>	<b>50</b>



<b>Projete vun der Gemeng</b>	
<b>Projets de la commune</b>	
<b>Projects of the commune</b>	<b>62</b>



<b>Aktivitéite vun der Gemeng</b>	
<b>Activités de la commune</b>	
<b>Activities of the commune</b>	<b>66</b>



<b>Veräinsliewen</b>	
<b>Vie associative</b>	
<b>Association activities</b>	<b>76</b>



<b>Manifestatiounskalenner</b>	
<b>Calendrier des manifestations</b>	
<b>Calendar of events</b>	<b>83</b>



LU

## Sëtzung vum Gemengerot 27.11.2024

Den Här Buergermeeschter Claude MARSON heescht jidderee wëllkomm zu der 10. Sëtzung vum Gemengerot am Joer 2024.

Den Här Buergermeeschter entschëllegt als éischt de Conseiller Jules SAUBER, deen dem Här Serge THEIN eng Procuratioun ginn huet, fir a sengem Numm ofzestëmme.

Zousätzlech informéiert den Här Buergermeeschter, dass de Vote Public vun dëser Sëtzung mam Conseiller Serge EICHER ufänkt.

Den Här Buergermeeschter informéiert duerno iwwer d'Evenementer, déi zënter der leschter Sëtzung vum Gemengerot stattfonnt hunn:

- De 24. Oktober war d'Generalversammlung vun der Elterevereenegung an der Aler Minsber Schoul;
- Samsdes, de 26. Oktober gouf nomëttes eng Halloween-Party vun der Elterevereenegung fir d'Kanner am Centre culturel organiséiert;
- De selwechten Dag owes hat d'Kulturkommissioun e Concert mam Cors ensemble „CorsdeLuxe“ an der Kierch zu Schëtter organiséiert;
- Sonndes, de 27. Oktober hat eng allergeenfräi Halloween-Party vum „Luxembourg Allergy Network“ am Centre culturel stattfonnt;
- Nomëttes, den 29. Oktober gouf d'Bastele vu Lanteren „Trauliicht brennen“ um pädagogesche Bauerenhaff „A-Schmatten“ organiséiert;
- Sonndes, den 3. November huet d'„Journée du troisième âge“ am Centre culturel stattfonnt, organiséiert an Zesummenaarbecht mat der Amiperas an der Familljekommissioun;
- Samschdes, den 9. November haten d'Scouter „Castors“, d'Schëtter Jugendhaus an d'Kommissioun vun der Famill, dem drëtten Alter an de sozialen Ugeleeënheeten am Nomëtteg d'„Journée intergénérationnelle“ am Centre culturel organiséiert. Jonk an Al konnte sech an enger gemittlecher Atmosphär austauschen;
- De selwechten Dag war och nees moies Schëtter Maart;
- Nomëttes, den 13. November war d'Fitness-Coach Gwendy Stiefer-Majerus erëm am Schëtter Treff, fir Turnübungen ze weisen;
- Donneschdes, de 14. November hat d'Associatioun „Tukwataniise asbl“ nomëttes e karitative Bridge-Tournoi am Centre culturel organiséiert. D'Recettë goufen un d'Schoul Nyamirama Twimukye am Uganda gespent;
- Samsdes, de 16. November hat d'Schëtter Harmonie erëm hiren traditionellen „Hämmelsmarsch“ zu Schraasseg gespilt, an den 23. November dann an den aneren Uertschaften;
- Owes de selwechten Dag hat den FC Minsbech e Quizowend am Centre culturel organiséiert;
- Freides, den 22. November hat de Fotoclub vu Schëtter op säi Beaujolais-Owend mat Fotoausstellung an de Centre culturel invitéiert;
- Sonndes, de 24. November hat d'„Fairtrade Team“, d'Kommissioun fir Ëmwelt, d'„Klimateam“ an d'„Naturpakt Team“ vun 8 Auer un op de „Faire Genoss um Kaffisdësch“ am Centre culturel invitéiert. Recettë vun 1.017 Euro goufe

gesammelt, an zesumme mat de Baiträg vu jeeeweils 500 Euro vun all Partnergemeng (Contern, Nidderaanwen a Sandweiler) konnt eng Gesamtzomm vun 2.517 Euro gesammelt ginn. Dës Spend gouf fir e Projet ausbezuel, dee lokal Baueren op de Philippinnen ënnerstëtzt;

- Gëschter, de 26. November hat d'Kleesche-Feier vun der Amiperas am Centre culturel stattfonnt;

Duerno informéiert de Buergermeeschter iwwer déi verschiden Evenementer, déi nach ustinn:

- Freides, den 29. November, wäert de Kleeschen an d'Schoul op de Schoulcampus kommen. D'Evenement gëtt vun der Schoul, der Elterevereenegung an der Maison Relais organiséiert;
- Den 1. Dezember fënnt d'Aventsfest am Centre culturel statt, organiséiert vun der Association „Fraen a Mammen“ a begleet vun engem Concert vun de „Schëtter Jongbléiser“ an enger Performance vum Danzgrupp „Jalebis“. D'Recettë ginn dëst Joer un d'Association „Blëtz a.s.b.l. Lëtzebuerg“ gespent;
- De Weekend vum 7. bis 8. Dezember organiséiert de Cercle avicole vu Schëtter seng Klengdéieren-Ausstellung am Centre culturel;
- Sonndes, den 8. Dezember, fënnt och de „Chrëschtconcert“ vum „Schëtter Gesank“ an der Kierch zu Schëtter ënner der Direktioun vun der Madame Marianne Hengel statt. D'Chorale „Académie pour jeunes voix“ wäert och eng Opféierung ënner der Direktioun vun der Madame Claudine Schott ginn;
- Den 10. Dezember organiséiert d'Associatioun „Fraen a Mammen“ eng Exkursioun op de Chrëschtmaart op Oochen;
- Den 11. Dezember fënnt déi lescht Sitzung vum Gemengerot vun dësem Joer statt. D'Ofstëmmegung vum Budget fir 2025 steet op der Dagesuerdnung;
- Am Nomëtteg vum selwechten Dag gëtt et erëm eng Fitness-Séance mat der Madame Gwendy Stiefer-Majerus am Schëtter Treff;
- Vum 13. bis den 15. Dezember ass erëm de Chrëschtmaart op der Kiercheplaz. D'Ouverture wäert freides um 17 Auer sinn, gefollegt vun engem Concert vun de „Schëtter Jongbléiser“ an der „Schëtter Strëpp“. Zousätzlech zu der musikalescher Ënnerstëtzung bidden d'Associatiounen lokal artisanal Produkter a kulinarisch Spezialitéiten wärend deenen 3 Deeg un. Wéi d'lescht Joer ass de Kalenner vun de Chrëschtmaert an de Gemengen Betzder, Niederanven a Schëtter sou organiséiert, datt d'Awunner aus dem Sirdall all d'Mäert iwwer déi dräi Weekender besiche kënnen;
- Samschdes, de 14. Dezember, fënnt erëm de Schëtter Maart op der Kiercheplaz statt;
- De selwechten Weekend organiséiert d'Associatioun „Rythmica Lux“ och den „Fairy Tale Cup“ an der Sportshal;
- Sonndes, de 15. Dezember fënnt de spirituellen Concert vun der „Schëtter Musek“ ënner der Direktioun vum Leroy Vandivinit an der Schëtter Kierch statt. Um Programm stinn ënnert anerem Stécker wéi „In Nomine“ vum berühmte éisterreichesche Komponist Otto Schwarz oder „Saint Nicholas Fantasy“ vum Lëtzebuenger Komponist Georges Sadeler. De Concert ass gratis, mee d'Fanfare wäert eng Collecte organiséieren, déi dëst Joer un d'Associatioun „Rokku Mi Rokka“ gespent gëtt;
- Den 18. Dezember invitéiert d'Kommissioun fir d'Famill, dem 3. Alter an dem sozialen Ulaies op hiert Chrëschttagsfest am „Schëtter Treff“.

All dës Evenementer kënnen och am Kalenner op der Gemeng Schëtter hirem Internetsite consultéiert ginn. Doriwwer eraus gëtt den Här Buergermeeschter nach folgend Informatiounen:



- D'Applikatioun fir de Quartier's Réseau Hoplr, déi bei der leschter Gemengerotssëtzung e puer Froen opgeworf hat. De Buergermeeschter betount, datt Hoplr eng gutt Léisung fir kleng Gemengen ass. D'Applikatioun gëtt aktuell vun 20 lëtzebuergesche Gemengen mat manner wéi 2000 Haushalter benotzt, dorënner 8 Gemengen mat manner wéi 1000 Haushalter.  
Wat Déclaration de confidentialité a d'Cookien ugeet, ass d'Plattform ganz transparent iwwer d'Benotzung vun den Informatiounen vun den Awunner an d'Cookien, déi fir de richtege Fonctionnement vun der Plattform néideg sinn. All d'Informatiounen si verfügbar op der Internetsäit (Confidentialité et cookies (hoplr.com)), an déi benotzte Cookien si strikt néideg, fir eng korrekt Benotzung vun der Software ze garantéieren.  
Wat Google Analytics ugeet, benotzt d'Plattform dës Technologie, fir en Iwwerbléck vum Verhale vun de Visiteuren ze kréien an op dëser Basis d'Benotzerexperienz ze verbesseren. Hoplr huet dës Cookien esou konfiguréiert, datt se d'Privatsphär respektéieren. Dëst bedeit, datt d'Verantwortlech vun der Applikatioun:
  - een Accord de traitement mat Google ofgeschloss hunn;
  - nëmme maskéiert IP-Adressen un Google weiderginn;
  - ni aner Date mat Google gedeelt hunn;
  - keng aner Google-Servicer an Zesummenaarbecht mat Analysen benotzen.
 Wat d'Lokalisatioun vun de Serveren ugeet, informéiert de Buergermeeschter, datt dës zu Amsterdam stinn, awer datt se konform mat der Gesetzgebung an de lëtzebuergescher Jurisprudenz sinn. Et ass korrekt, datt d'Daten an der Cloud zu Amsterdam (Microsoft Azure) gespäichert ginn, well et do e groussen Internet Point d'échange gëtt. D'Kontrakter stipuléieren awer, datt d'lëtzebuergesch Geriichter a Streitfäll kompetent sinn. Wat d'Fro ugeet, ob Luxchat Hoplr ersetze kéint, bemierkt de Buergermeeschter, datt, och wann Luxchat eng schéin Initiativ ass an eng interessant Alternativ zu WhatsApp duerstellt, seng Funktionalitéiten nach ëmmer relativ limitéiert sinn. Si fokusséieren haaptsächlech op Text- a Sprochnachrichten, zwee-Wee Audio- a Videoappeller, „Chat-Rooms“ fir zwou oder méi Persounen, d'Verschécken vu Fotoen, Videoen an aneren Dateie, d'Deelen vun der Lokalisatioun (geoportal.lu), d'Benotzung vun Emojis, an d'Änneren an d'Läschchen vu Messagen. Dës Funktionalitéiten, och wann se nützlich sinn, decken net de ganze Spektrum vun de Gemeinschaftsaktiounen an dem Biergerengagement of, deen Hoplr ubidden kann;
- Ugeschwat gouf och de Projet vum Verbindungsweg tëscht der Minsber Gare an der ZAE, fir deen d'Gemengeservicer eng Äntwert vum Ëmweltministère am Besuch op d'Kompenséierungsmoosnamen kritt hunn. Et ginn nach Froen am Zesammenhang mam Monitoring vun de gefrote Moosnamen, an dëst gëtt den Ament nach mam Büro EFOR-ERSA gekläert. De Buergermeeschter fügt dobäi, dass, wann de gefrote Monitoring d'Planung vum Projet ze vill op d'Kopp stellt, nach ëmmer d'Méiglechkeet besteet, fir an engem Délai vun 3 Méint een Recours anzerechen ;
- D'Entrevue mat der Administratioun vun de Ponts & Chaussées, fir verschidde Dossieren unzegoen, ënner anerem:
  - d'Moosname fir dass de Problem vun den Iwwerschwemmungen zu Schraasseg bei staarkem Reen manner dacks optrëtt. De Bassin de débordement S1, deen op der Ostsäit vum Findel läit, gouf propper gemaach, wat et elo erlaabt eng méi grouss Waasserkapazitéit ze stockéieren. De Buergermeeschter fügt dobäi, datt de Réseau S2 och zur Entlaaschtung wäert bäidroen. Fir dat ze errechen, muss den Bassin zu Uebersyren, um Site vun der Kläranlag, awer fir d'éischt fäerdeggestallt an a Betrib geholl ginn. De Buergermeeschter betount, datt et och wichteg ass, déi aner geplangte Moosnamen zu Schraasseg ëmzesetzen, insbesonnesch de Chantier, den d'Waasser vun der Birelerbaach an d'Sir leede wäert. Well d'Rénovatioun vun der Intégralitéit vun de Réseau'en an der Éiter Strooss geplangt ass, betount de Buergermeeschter, wéi wichteg et ass, elo schonn déi néideg Dimensiounen fir dëse Projet ze evaluéieren, fir datt en och d'Waassermengen vun der Birelerbaach ophuele kann. Et muss och bemierkt ginn, datt, ënner der Zuchbréck am Wäschbuer, déi bestoend Infrastruktur schonn sou dicht beieeneen läit, datt et bal onméiglech ass, eng nei Axe fir d'Reewaasser nach dobäi ze leen;
    - d'Rénovatioun vum Kanal an der Strooss am Birelergronn, déi fir den Hierscht 2025 duerch Ponts et Chaussées geplangt ass. Den Dossier de soumission ass fäerdeg, an d'Ausschreiwung fir d'Aarbechten wäert demnächst lancéiert ginn;
    - déi nei Zuchbréck zu Schraasseg. De Projet beinhalt d'Idee fir déi nei Bréck an engem aneren Wénkel ze installéieren, sou datt déi zwou Kéieren manner enk a méi dédagéiert ginn. Et gëtt och geplangt, d'Infrastruktur un d'Mobilitéit douce unzepassen, an an dësem Kader sollen d'Vitesreduzéierung an d'Sécherheet als absolut Prioritéiten gëllen. De Buergermeeschter fügt dobäi, datt déi aal Bréck démanteléiert gëtt, woubäi den historesche Patrimoine dokumentéiert soll ginn.
  - iwwer daat neit Parkreglement um Schoulcampus. Hei stellen d'Gemengeservicer fest, datt de gewënschten Effekt ereecht gouf an elo vill méi Parkplazen zur Verfügung stinn ;
  - iwwer d'Firma K2, mat där d'Gemengeservicer Kontakt opgeholl hunn, fir Informatiounen iwwer de Commodo/Incommodo ze kréien;
  - iwwer d'Kapitelen, déi am Règlement de Police mussen geännert ginn am Kader vun der Erweiderung vun de Kompetenzen fir den Agent municipal. De Gesondheitsministère muss nach pour avis gefrot ginn. Den Text gëtt awer elo schonn op informeller Basis vum Inneministère gepréift;
  - iwwer d'Aktiounen, déi d'Gemeng am Kader vun der Orange Week organiséiert hat. Et gouf ënner anerem een Artikel op der Homepage an an de sozialen Netzwierker publizéiert, fir op all Form vu Gewalt géint Fraen ze sensibiliséieren. En Link ass och do, fir déi ganz Programmlëscht op der Homepage www.cnfl.lu ze consultéieren. En zweeten Artikel wäert verëffentlecht ginn, fir iwwer d'Noutsignal ze informéieren, begleet vun enger Grafik, déi den Handgeste erkläert, deen muss benotzt ginn wann eng Persoun Opfer vun häuslecher Gewalt ass.
- Duerno gëtt de Schäfte Andy KISER Informatiounen iwwer:
  - déi lescht Plattform vum Club Syrdall déi den 12. November war. De Stand vun der Reprise vun der Asbl Syrdall Heem duerch d'Croix-Rouge gouf insbesonnesch ugesprach. D'Reprise ass fir den 1. Januar 2025 fixéiert. An Zukunft wäert och nëmme nach d'Enseigne „Help“ op den Dëngschtautoen ze gesi sinn.  
De Schäfte KISER betount, datt déi aktuell Aktivitéiten vun der Asbl komplett iwwerholl a weiderhin sou wéi virun uegebued wäerte ginn. D'Croix-Rouge kritt och de Mandat fir d'finanziell Verwaltung nom 1. Januar 2025 duerchzuféieren, an insbesonnesch och déi lescht finanziell Reclamatiounen vun der Gesondtheitskeess (CNS) ze liquidéieren.



Allerdéngs mussen d'Clientë vun der Asbl Syrdall Heem nach offiziell iwwer d'Reprise informéiert ginn, an hei stellen sech e puer Problemer am Kader vum Datenschutz. Den Transfer betrëfft sensibel Donnéeën, wat bedeit, dass all Client virun dësem Transfert d'Zoustëmmung muss ginn, fir dass dës Donnéeën zukünfteg vun der Croix-Rouge legal bearbecht kënnen ginn.

Während der Plattform gouf och en Iwwerbléck iwwer d'Aktivitéiten vum Joer 2024 an eng Prognos iwwer de Programm vum Joer 2025 ginn.

Zum Schluss huet dann nach eng Representantin vum Familljeministère iwwer déi nei Websäit „infosénior.lu“ informéiert, déi eng grouss Unzuel vu nützlechen Informatiounen iwwer d'CIPAen (Centre intégré pour personnes âgées), d'Clubs Seniors, de Service „Repas sur roues“ an anere Saachen fir eeler Läit regroupéiert. D'Representantin huet och dës Geleeënheet genotzt, fir ze confirméieren, dass d'Plattform och no der Reprise duerch d'Croix-Rouge weiderhin a Kooperatioun mam Ministère zweemol pro Joer organiséiert gëtt.

Zum Schluss informéiert de Conseiller Jean-Marie ALTMANN iwwer:

- de leschte Comité vum Syndikat Minettkompost, bei deem d'Membergemengen iwwer eng Hausse vun de Frais de participation fir déi nächst Joren informéiert goufen. De Produktiounssite zu Monnerech muss notament ausgebaut a moderniséiert ginn. Am Kader vun den Autorisatiounsprozeduren ass erauskomm, dass de Site eng grouss Quantitéit un Ofwässer produzéiert, déi regelméisseg eng Iwwerlaaschtung vun der Kläranlag zu Schëffleng verursaachen. Fir dem Prinzip vum „Pollueur-payeur“ méi an dësem Kontext gerecht ze ginn, muss de Syndikat Minettkompost ab dem 1. Januar 2025 eng pro-rata Rechnung fir d'Ofwässer un den Bedreier vun der Kläranlag, dem SIWEC, bezuelen. Dëst wäert natierlech zu enger Erhéijung vun de Käschte fir d'Membergemengen vum Syndikat Minettkompost féieren, an zwar fir d'Gemeng Schëtter ëm déi 26.340 Euro. De Budget rectificé 2024 an de Budget initial fir 2025 goufe virgestallt an duerno eestëmmeg ugeholl;
- eng Reuniooun vun „Partenariat Syre“, dee momentan 14 Gemengen regroupéiert. D'Projet betreffend d'Gemeng Schëtter goufen ënnert anerem presentéiert. Zu Minsbech ginn aktuell potenziell Retentiounsmoosnamen studéiert, fir den Afflux vu Reewaasser an d'Gemeng ze minimiséieren. Am Kader vum Renaturatiounsprojet vun der Sir an der Schlammwiss wäerten d'Soumissiounen fir d'Etude détaillée an d'Etude d'exécution fir Enn November lancéiert ginn. D'Experten hunn och festgestallt, dass d'Waasser vun der Sir ëmmer méi dréif gëtt. Eng direkt Ursach ass net bekannt, mee eng Iddi fir e Fuerschungsprojet gëtt de Moment analyséiert. Zum Schluss gouf de Budget fir d'Joer 2025 an de nei Internetseite „partenariatsyr.lu“ presentéiert;
- iwwert déi zwou lescht Reunioonen vum Verwaltungsrot vum CIGR Syrdall. Eng nei Software, déi de Suivi vun der Facturatioun an d'Planifikatioun vun den Aarbechten fir d'Client'en vereinfachen soll, gouf presentéiert. Et gouf och en Iwwerbléck iwwer de Budget 2025 ginn. Hei ass ze bemerken, dass eng nei Berechnungsmethod fir de Budget, opgedeelt op déi verschidde Servicer, opgestallt gouf. Fir d'Gemeng Schëtter bleift den prognostizéierte Montant vum Budget fir 2025 plus minus dee selwechten wéi fir 2024.

Déi finanziell Contributioun vun de Membergemengen wäert awer erhéicht ginn. Dëst ass virun allem duerch Erhéijung vun den Salären a Betrëbskäschten bedéngt.

Op Fuerderung vun de Membergemengen, goufen d'Statuten vun der Asbl komplett iwwerschaaft. En éischten Entworf ass schonn ausgeschafft a gëtt de Moment juristesch iwwerpréift.

## 1.

### Infrastrukturprojeten an der Gemeng

#### 1.1. Approbatioun vun den aktualiséierte Pläng am Kader vum Amenagement vun enger Zone 30 zu Minsbech, rue Principale

Während der Sitzung vum 16. November 2022 hat de Gemengerot d'Pläng an den Devis estimatif vum Ingenieurbüro „Schroeder & Associés S.A.“ fir d'Mise en place vun enger „Zone 30“ laanscht de Schoul-, Kultur- an Sports-campus „An der Dällt“ zu Minsbech sou wéi fir de Reamenagement vun der rue Principale zu Minsbech approuvéiert.

Allerdéngs gouf d'initial Konzept, dat eng Mise en place vun enger „Zone 30“ just laanscht de Campus esou wéi de Reamenagement vun der rue Principale betraff huet, iwwerschaaft. Eng Aktualiséierung vun den Pläng gouf vum Ingenieurbüro gemaach, déi elo d'Erweiderung vun der „Zone 30“ op d'ganz Rue Principale zu Minsbech beinhaltet. Dëst geet vum Minsbecher Kreesverkéier bis bei d'Gebai Nummer 116 vun der rue Principale. Eng Zone 30 bedeit manner Kaméidi, manner Ofgasen a besonnesch CO<sub>2</sub>-Emissioun, méi Sécherheet a méi kompatibel mat der doucer Mobilitéit a besonnesch dem Vëlo.

No der Presentatioun vun den aktualiséierte Pläng vum 18. November 2024 duerch den Ingenieurbüro „Schroeder & Associés S.A.“, décidéiert de Gemengerot eestëmmeg dës nei Pläng ze approbéieren.

#### 1.2. Approbatioun vun engem zousätzleche Devis am Kader vum Amenagement vun enger Zone 30 zu Minsbech, rue Principale

No der Decisioun vum Gemengerot am viregte Punkt, muss e nei zousätzlechen Devis etabléiert ginn.

No der Kenntnisnam vun den Erklärungen vum Schäfferot iwwer d'zousätzleche Käschten, décidéiert de Gemengerot eestëmmeg den zousätzlechen geschätzten Devis, elaboréiert vum Ingenieurbüro BEST vum Senningerbiereg den 12. November 2024, a mat engem geschätzten Montant vun 3.951.500,00 € TTC ze approvéieren.

#### 1.3. Presentatioun vun den Pläng an Approbatioun vun der finanzieller Participatioun um Projet vun der Konstruktiooun vun der Glasfaserinfrastruktur an der Gemeng

D'Digitaliséierung vun eiser Gesellschaft ass fest mat der Presenz vun enger moderner a performanter Infrastruktur verbonden. Fir dass d'Bierger déi neisten Technologien, Applikatiounen an Kommunikatiounsmethoden zu 100 % notze kënnen, muss eng zuverlässeg Infrastruktur zur Verfügung gestallt ginn, déi enger ëmmer méi héijer Bandbreitetrof standhale kann.

De Projet vun der Konstruktiooun vum Glasfaser-Netz soll eng ultraschnell Verbindung fir all Bewunner vun der Gemeng Schëtter ubidden.

De Gemengerot huet d'Pläng vun POST Technologies am Kader vum Projet fir den Ausbau vum Glasfaser-Netz an der Gemeng Schëtter zur Kenntnis geholl an decidéiert eestëmmeg d'finanziell Participatioun, déi den 12. November 2024 vun der Firma POST Technologies fir d'Käschte vun de Génie civil Aarbechten fir d'Réfectioun vun den Trottoiren a Stroossen (Aushiewe vun den Tranchéen am Kontext vum Projet) fir en Montant arrondi vun 388.309,03 € TTC festgeluecht gouf, ze approvéieren.



## 2.

### Gemeengefinanzen

#### 2.1. Presentatioun vun den 2023 Konten

Nodeems de Buergermeeschter a Schäfferot säi Rapport virgedroen huet, hëlt de Gemengerot Notiz vum Compte administratif a vum Compte de gestion vum Budgetsjoer 2023, wéi se hei ënnendrënner stinn. Den Exercice comptable weist fir d'Budgetsjoer 2023 ee Benefice vun 745.985,40 € op :

	SERVICE ORDINAIRE	SERVICE EXTRAORDINAIRE
Total vun de Recetten	24.697.013,75 €	1.980.755,36 €
Total vun den Depensen	16.504.050,76 €	9.427.732,95 €
Iwwerschoss fir d'Geschäftsjoer	8.192.962,99 €	
Defizit fir d'Geschäftsjoer		7.446.977,59 €
Iwwerschoss vum compte 2022	14.688.335,29 €	
Allgemengen Iwwerschoss	22.881.298,28 €	
Allgemengen Defizit		7.446.977,59 €
Transfert ord./extraord.	- 7.446.977,59 €	7.446.977,59 €
Definitiven Iwwerschoss	15.434.320,69 €	

#### 2.2. Presentatioun vum Budget rectificé 2024 a vum Budget initial 2025

De Gemengerot hëlt Notiz vum Budget rectificé 2024 a vum Budget initial 2025, déi vum Buergermeeschter a Schäfferot proposéiert goufen an déi an der nächster Gemengerotssëtzung diskutéiert an approvéiert solle ginn.

Den Tableau récapitulatif vum Geschäftsjoer 2025 präsentéiert sech follgendermoossen:

	SERVICE ORDINAIRE	SERVICE EXTRAORDINAIRE
Total vun de Recetten	27.578.587,00 €	6.668.109,00 €
Total vun den Depensen	19.312.117,20 €	26.819.367,53 €
Iwwerschoss fir d'Geschäftsjoer	8.266.469,80 €	
Defizit fir d'Geschäftsjoer		20.151.258,53 €
Präsuméierten Iwwerschoss Enn 2024	14.280.980,68 €	
Präsuméierten Defizit Enn 2024		
Allgemengen Iwwerschoss	22.547.450,48 €	
Allgemengen Defizit		20.151.258,53 €
Transfert ord./extraord.	- 20.151.258,53 €	20.151.258,53 €
Definitiven Iwwerschoss	2.396.191,95 €	

## 3.

### Urbanismus

#### 3.1. Autorisatioun fir de Buergermeeschter a Schäfferot viru Geriicht ze goen

Am Abrëll 2022 haten d'Gemengeservicer festgestallt, datt de Proprietär gréisser Aarbechten u sengem Haus geleeën zu Schraasseg 17, rue de Sandweiler duerchgefouert hat, ouni déi erfuerderlech Bautegeneemegung unzefroen. Dës Aarbechten, déi laut gültiger Legislatioun eng Geneemegung erfuerderen, goufen trotz verschiddene Recommandatioune vun der Gemeng weidergefouert.

Am August 2022 hat d'Gemeng de Proprietär formell opgefouert, d'Aarbechten anzestellen an e kompletten Dossier de demande anzerechen. Trotzdeem goufen d'Aarbechten weidergefouert, wat den Buergermeeschter dozou beweegt huet, en Arrêté fir d'Fermeture vum Chantier den 24. November 2022 auszustellen.

Trotz dësem Arrêté goufen am Dezember 2022 weider Aarbechten, wéi d'Installatioun vun engem Gerüst, festgestallt. Een zweeten Arrêté vum 19. Januar 2023 huet d'Fermeture vum Chantier confirméiert, mat enger Ausnam fir d'Installatioun vun engem Kamäin.

Den 12. Mee 2023 hat de Proprietär eng Demande de régularisation fir e Renovatiounsprojet, eng Vergréisserung sou wéi een Réaménagement dobaussen ragerecht. Am August 2023 hat d'Gemeng awer decidéiert, datt de Projet net der Réglementation en vigueur entsprécht an den Dossier als onkomplett deklaréiert, well an de Pläng déi schonn ausgefouert, onautoreséiert Aarbechten net abegraff waren.

Den 22. Oktober 2024 hat de Parquet d'Gemeng opgeruff, un enger Audienz deelzehuelen, déi op den 12. November 2024 fixéiert war, fir de Stofreprozess géint de Proprietär ze examinéieren. Bei dëser Audienz hat d'Gemeng, vertrueden duerch de Cabinet Arendt & Medernach S.A., sech als Zivilpartei konstituéiert. D'Uerteel gouf op den 28. November 2024 festgeluecht. Aus Grënn vum Audienz-Datum an der Drénglechkeet, konnt de Buergermeeschter a Schäfferot d'Autorisatioun vum Gemengerot au préalable net sollicitéieren, fir gerichtlich géint de Proprietär virzegoen a sech partie civile bei der Audienz vum 12. November ze constituéieren.

De Gemengerot decidéiert mat aacht (8) Stëmme [DP, LSAP, Déi Gréng] an dräi (3) Enthaltungen [Schëtter Bierger]

- dem Buergermeeschter a Schäfferot d'Erlaabis ze ginn, géint de Proprietär viru Geriicht ze goen, fir d'Suppressioun vun den onautoreséierten Aarbechten duerchzeféieren an alles an den Originalzoustand zrëckzesetzen ;
- d'Konstitutioun als Zivilpartei vum Cabinet Arendt & Medernach S.A. am Numm vun der Gemeng Schëtter den 12. November 2024 réckwierkend ze ratifizéieren ;
- dem Buergermeeschter a Schäfferot am Kader vun engem méiglechen Recours géint dat zukünftegt Uerteel, d'Erlaabis ze ginn, viru Geriicht an den zoustännegen Instanzen ze intervénéieren.



De Buergermeeschter a Schäfferot ass och habilitéiert, all noutwendeg Mesuren z'ergräifen, fir déi gesetzlech Fristen anzehalen an d'Interesse vun der Gemeng ze verrieden, ënner anerem duerch de Mandat vu kompetente Juristen fir d'Representatioun vun der Gemeng an den Engagement vun den gerichtlechen Aktiounen an Zesammenhang mat de concernéierten Servicer ze assuréieren.

### 3.2. Punktuell Ännerung vum PAG vun der Gemeng Schëtter am Bezuch op e Gebai zu Schëtter, Place de l'Église, an d'Adaptatioun vun den Dispositiounen vum Artikel 25 vum geschriwwene PAG

No den Erklärungen vum Buergermeeschter a Schäfferot an nodeems den Dossier „Punktuell Ännerung vum PAG – Déklaséierung Mairie zu Schëtter an Transitiondispositiounen“, ausgeschafft vum Urbanismusbüro Zimplan s.à r.l. vu Contern, virgestallt gouf, decidéiert de Gemengerot eestëmme:

- eng positiv Meenung zur punktueller Ännerung vum PAG vun der Gemeng Schëtter ofzeginn, am Bezuch op e Gebai zu Schëtter, Place de l'Église, an d'Adaptatioun vum Artikel 25 vum geschriwwene PAG;
- de Collège vun de Buergermeeschteren an Échevinnen domat ze chargéieren, d'Konsultatioun no den Artikelen 11 an 12 vum modifizéierte Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwer d'kommunal Aménagementen an urban Entwécklung ze starten.

De Gemengerot decidéiert och, baséiert op der Meenung vum 12. November 2024 vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, keng Ëmweltbewäertung no den Artikelen 4 bis 10 vum Gesetz vum 22. Mee 2008 duerchzeféieren.

## 4.

### Notariell Akten, Compromisen an Virkaafsrecht

#### 4.1. Approbatioun zu engem gratis Ofriet (Ref. 918/2024) fir en Terrain zu Schëtter, rue du Village

De Gemengerot decidéiert eestëmme, den Akt vum gratis Ofriet z'accordéieren, deen de 15. November 2024 tëscht dem Buergermeeschter a Schäfferot an der Madame Ulrike Andrea VÖLZER-BURLEIN virum Patrick Serres, Notaire vu Residenz zu Réimech, ënnerschriwwen gouf. Dësen Akt bezitt sech op d'gratis Ofrieden vun engem Terrain an der Sektoun A vu Schëtter, Parzell Nr. 148/4860, rue du Village, mat enger Gréisst vun 0,14 Are.

D'Ofriet gëtt am ëffentlechen Interesse duerchgefouert, mat dem Zweck, den Terrain an d'ëffentlech Stroossenareal z'integréieren.

#### 4.2. Zoustëmmung zu engem Verkafsakt (Ref. 904/2024) fir en Terrain zu Schëtter, Lieu-dit „auf dem Grosbour“

De Gemengerot decidéiert eestëmme, den Akt vum Verkauf z'accordéieren, deen den 11. November 2024 tëscht dem Buergermeeschter a Schäfferot an den Här Claude Albert Camille ZEIMES a Madame Lydie SAUBER virum Patrick Serres, Notaire vu Residenz zu Réimech, ënnerschriwwen gouf. Dësen Akt betrëfft de Verkauf vun engem Terrain an der Sektoun A vu Schëtter, Parzell Nr. 529/4176, Lieu-dit „auf dem Grosbour“, mat enger Gréisst vun 1,69 Are.

D'Verfaf gëtt am ëffentlechen Interesse duerchgefouert, mat dem Zweck, de Terrain an d'ëffentlech Stroossenareal z'integréieren.

#### 4.3. Zoustëmmung zu engem Verkafskompromëss fir en Terrain zu Uebersyren, Lieu-dit „auf dem Rohtert“

De Gemengerot decidéiert eestëmme, de Verkafskompromëss z'accordéieren, deen den 12. November 2024 tëscht dem Buergermeeschter a Schäfferot an der „Fondation de Recherche Cancer et Sang“ ënnerschriwwen gouf.

Mat dësem Kompromëss verkeeft d'„Fondation de Recherche Cancer et Sang“ un d'Gemeng en Terrain an der Sektoun D vun Uebersyren, mat der Kadasternummer 487/2951, Lieu-dit „Auf dem Rohtert“, e Bauerenacker mat enger Gréisst vun 71,90 Ar.

Den Terrain gëtt am ëffentlechen Interesse kaf, mam Zil, eng kommunal Wirtschaftszon an/oder ëffentlech Infrastrukturen ze realiséieren.

#### 4.4. Entscheidung iwwer d'Ausübung vum Virkaafsrecht fir en Terrain zu Minsbech, rue Jeanne Rouff

De Gemengerot decidéiert eestëmme, säi Virkaafsrecht net auszeüben, beim Präis, dee am Notifikationsdossier vun der Etude vum M<sup>e</sup> Pierre Metzler, Notaire vu Residenz zu Lëtzebuerg, fir de Verkauf vun engem Terrain an der Sektoun B vu Minsbech, Kadasternummer 1176/4530, rue Jeanne Rouff, mat enger Gréisst vun 4 Ar a 60 Centiare genannt ass.

#### 4.5. Entscheidung iwwer d'Ausübung vum Virkaafsrecht fir Terrainen zu Schraasseg, rue de Luxembourg

De Gemengerot decidéiert eestëmme, säi Virkaafsrecht net auszeüben, beim Präis, dee vum Notifikationsdossier vun der Etude vum Me Elisabeth Reinard, Notaire vu Residenz zu Lëtzebuerg, fir de Verkauf vu verschiddene Terrainen an der Sektoun C vu Schraasseg, Kadasternummere 395/1871, 395/1872, 395/1880 a 395/1881, rue de Luxembourg, mat enger totaler Gréisst vun 8 Ar a 79 Centiare, genannt ass.

## 5.

### Gemengebëscher

#### 5.1. Geneemegung vum Plan de gestion vun de Gemengebëscher fir d'Joer 2025

Den 20. November 2024 huet de Gemengerot eng Aarbechtsëtzung ofgehalen, bei där den Här Pit Lacour, Bëschaarbechter vum Triage Niederanven, d'Detailer vum Gestion-Plan fir d'Joer 2025 virgestallt huet.

No dëser Presentatioun decidéiert de Gemengerot eestëmme, dëse Gestion-Plan fir d'Gemengebëscher vun der Gemeng Schëtter ze geneemegen. De Plan gesäit Investissementer vu 404.000,00 € an Einnahmen vun 172.200,00 € fir.





## 6.

### Grondschoul

#### 6.1. Geneemegung vun enger Konventioun iwwert den temporären Asaz vu Museksenseignant an der Kader vu Kollaboratiounsprojeten tëscht der Grondschoul an der Museksschoul

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, eng Konventioun ze geneemegen, déi den 13. September 2024 tëscht dem Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend, der Museksschoul „Regional Museksschoul Syrdall“, der Stëftung „École de Musique UGDA“ an der Gemeng Schëtter ënnerschriwwen gouf.

Dës Konventioun bezitt sech op Kollaboratiounsprojeten tëscht der Grondschoul an der Gemengemuseksschoul, mat enger maximaler Dauer vun engem Trimester pro Klass fir d'Schouljoer 2024/2025. All Klass soll eng wéchentlech Museksstonn vun engem Enseignant aus der Museksschoul kréien.

## 7.

### Ressources humaines

#### 7.1. Schafung vun enger Aarbechtsplaz fir de Service vun der Public Relations, Indemnitéitsgrupp B1, sous-groupe administratif

Den 23. Oktober 2024 huet de Gemengerot decidéiert, engem Mataarbechter seng Demissioun als Gemengebeamten, Kategorie B, Behandlungsgrupp B1, administrativen Ënnergrupp, mat Wierkung vum 1. Januar 2025 zouzegestoen.

Dofir gouf den 26. Oktober 2024 e Concours ausgeschriwwen, fir d'Vekanz ze besetzen. Gesicht gëtt ee „Coordinateur d'évènements et community manager“ ënner dem Statut vu Gemengebeamten (Behandlungsgrupp B1, administrativen Ënnergrupp) oder alternativ ënner dem Statut vu Gemengenangestellten (Indemnitéitsgrupp B1, administrativen Ënnergrupp).

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, eng nei Aarbechtsplaz am Service vun der Public Relations ze schafen, Indemnitéitsgrupp B1, administrativen Ënnergrupp.

## 8.

### Schrëftlech Froe vun de Conseillere

#### 8.1. Schëtter Bierger

De 26. November 2024 huet de lokale politesche Grupp „Schëtter Bierger“ e Brëif un de Buergermeeschter a Schäfferot adresséiert, fir Informatiounen iwwert d'Selektiounskriterien ze froen, déi bei der Verdeelung vu véier abordabele Reienhaiser zu lewersiren, rue des Jardins, ugewannt goufen.

De Buergermeeschter a Schäfferot erkläert, datt all Familien, déi ausgewielt goufen, op der Selektiounslëscht vun MC Luxembourg stinn. D'Logementer goufen u Kandidaten op Basis vu gewiichte Kritäre verdeelt: Residenz, Stéierzesummesetzung (Kanner), Alter, an Aarbechtsplaz. Dëst entsprécht der Decisioun vum Gemengerot vum 26. Abrëll 2023.

Et gëtt ervirgehewen, datt et net obligatoresch war, aktuell an der Gemeng Schëtter ze wunnen, mee d'Kumulatioun vun de Joren als fréier Awunner gouf berücksichtegt. Op Basis vun de gesammelte Punkten ass eng Klasséierung gemaach ginn, déi dem Gemengerot presentéiert gouf. D'Kandidaten, déi ausgewielt goufen, goufen kontaktéiert, fir hiert Interessei ze bestätegen an d'Kreditméiglechkeeten ze iwwerpräiwen. De Collège informéiert, datt bis elo kee Kompromëss ënnerschriwwen gouf.

## 9.

### Froen aus dem Public

Keng.

Déi gesamt Sëtzung vum Gemengerot Schëtter kann nogekuckt ginn op: <https://www.schuttrange.lu/politique/seances-du-conseil-communal>



LU

## Sëtzung vum Gemengerot 11.12.2024

Den Här Buergermeeschter Claude MARSON heescht jidderee wëllkomm zu der 11. an domat leschter Sëtzung vum Gemengerot am Joer 2024.

Den Här Buergermeeschter entschëllegt als éischt de Conseiller Jules SAUBER, deen dem Här Paul THEISEN eng Procuratioun ginn huet, fir a sengem Numm ofzestëmmen.

Zousätzlech deelt den Här Buergermeeschter mat, datt de Vote Public vun der haiteger Sëtzung mat der Conseillère Annemarie NAGEL ufänkt.

Ueschléissend informéiert den Här Buergermeeschter iwwer d'Evenementer, déi zënter der leschter Sëtzung stattfonnt hunn:

- Freides, den 29. November war déi grouss Kleesche-Feier am Centre Culturel zu Minsbech, organiséiert vun der Schoul, der Elterevereenegung an der Maison Relais. Hei gouf e Montant vun 4.830,80 € gesammelt, deen dëst Joer un d'Fondatioun Kannerschlass vun Iwwersiren gespent gëtt. Alle Kanner duerfir vun dëser Plaz e grouse Merci.
- Sonndes, den 1. Dezember, war ab 14 Auer den Adventsmaart vun de „Fraen a Mammen“ am Centre Culturel. Um Programm stoungen ënnert anerem e flotte Concert vun de „Schëtter Jongbléiser“ an en Optrëtt vum Danzgrupp „Jalebis“. De Gewënn vum Adventsmaart gëtt dëst Joer un d'Associatioun „Blët ASBL Lëtzebuerg“ gespent.
- De Weekend vum 7. op den 8. Dezember war jeeeweils vun 10 Auer moies bis 17 Auer nomëttes d'Klengdéieren Klengdéieren-Ausstellung am Centre Culturel zu Minsbech. De Vernissage mat der offizieller Ouverture war freides um 19 Auer. Organiséiert gouf dës Ausstellung, wéi kënnt et anescht sinn, vum „Klengdéiereveräin Schëtter“.
- Dee selwechte Weekend war dann och sonndes um hallwer 5 ënnert der Leedung vum Marianne Hagel de Chrëschtconcert vum „Schëtter Gesank“ an der Kierch. Begleet gouf d'Chorale vum Michelle Mootz um Fligel. Derniewent goufen instrumentale Stecker gespillt als Duo vum Paul Schummer op der Trompett an dem Laurent Hartz op der Trombonn, a vum Marc Mootz op der Querflüt. D'„Akademie pour Jeunes Voix“ ënnert der Direktioun vum Claudine Schott, ass dann och nach als Gaascht-Chouer opgetrueden an huet dës flotte Mëtteg komplettéiert.
- Et ass opgefoll, datt de Gemengerot net esou gutt vertruede war, an d'Chorale géif sech freeën, wa si nächst Joer méi gewielte Vertrieder begréisste kéint.
- Net méi spéit wéi gëschter sinn d'„Fraen a Mammen“ mam Bus op de Chrëschtmaart op Oochen gefuer.
- Haut de Mëtteg war nees eng Fitness-Seance mam Gwendy Stiefer-Majerus am Schëtter Treff.

Duerno informéiert de Buergermeeschter iwwer déi verschidden Evenementer, déi nach ustinn:

- Nodeems déi lescht zwee Weekender ons Nopeschgemengen Nidderaanwen a Betzder hire Chrëschtmaart organiséiert hunn, ass et dann dës Weekend un ons. Vum 13. op de 15. Dezember féinnt onsen idyllesche Chrëschtmaart hei op der Kiercheplaz zu Schëtter statt. Lass geet et freides um 17 Auer mat der Ouverture an engem Concert vun de „Schëtter Jongbléiser“ esou wéi der „Schëtter Strëpp“.

- Samschdes mécht de Chrëschtmaart da vu 17 Auer bis 22 Auer seng Dieren op. Owes ass an deem Kader och e flotte Concert vum Grupp „Simply 2“.
- Um Sonndeg kann een dann nach eemol vu 15 Auer bis 20 Auer op de Chrëschtmaart kommen. Niewent der musikalescher Animatioun ass och nees fir eng villsäiteg Kulinarik gesuergt.
- Esou ginn et ënnert anerem Kniddelen, Kebab, ukrainesch Spezialitéiten, Raclette, Champignonen, Paangecher an Eisekuchen, Äppel am Schäffchen an nach viles méi.
- Mir maachen dann och nach eemol den Appell, fir dee Weekend op déi douce Mobilitéit zeréckzegeifen. Wien net ze Fouss wëll kommen, kann och de Ruffbus benotzen (ausser Sonndes) oder d'Buslinien 324 oder 361 huelen, déi direkt bei der Kiercheplaz stoe bleiwen.
- Op dësem Weekend sinn awer och nach eng Partie aner Evenementer, déi stattfannen. Esou ass och de Schëtter Maart de 14. Dezember op der Kiercheplaz, wou et dës Kéier och eppes z'iesse gëtt an zwar Pasta Bolognese.
- An der Sportshal zu Minsbech ass de ganzen Samschdeg de Fairytale Cup, organiséiert vu „Rythmica Lux Schëtter“.
- Sonndes, de 15. Dezember ass an der Schëtter Kierch um hallwer 5 de Concert Spirituel vun der Schëtter Musek ënnert der Leedung vum Leroy Vandivinit. Den Entrée fir de Concert ass fräi, d'Musek mécht awer nees eng Kollekt déi dëst Joer un d'Associatioun „Rokku Mi Rokka“ geet.
- Da stinn nach e puer Chrëschtfeieren am Programm: Mëttwochs, den 18. Dezember invitéiert d'Kommissioun vun der Famill, dem 3. Alter an dem sozialen Uleies op hir Chrëschtfeier, vu 15 Auer bis 18 Auer am Schëtter Treff. Donneschdes, den 19. Dezember, ass d'Chrëschtfeier vun der Amiperas fir hir Memberen am Centre Culturel. A Freides, den 20. Dezember huet dann d'Equipe vum Dance Fitness Club hir Chrëschtfeier, och am Centre Culturel zu Minsbech.
- Den 21. an den 22. Dezember organiséiert den ALSS (Lëtzebuurger Associatioun vum Street Soccer) hiren 1. International Youth Futsal Cup an der Sportshal 1 zu Minsbech.
- Iwwert d'Feierdeeg ass et duerno ë bësse méi roueg, ier et dann neie Joer samschdes, de 4. Januar a sonndes, de 5. Januar mat dem 12. Syrdall Indoor Cup vum FC Minsbech an der Sportshal 1, der neier Sportshal, nees lass geet.
- Samschdes, den 11. Januar ass de Schëtter Maart op der Kiercheplaz a sonndes, also den 12. Januar, ass um 14 Auer d'Auditioun vun der UDGA an der Sportshal 2 (al Hal) zu Minsbech.
- Dëschdes, de 14. Januar ass dann den Empfank mat den Entrepen aus de Gemenge Schëtter an Nidderaanwen. D'lescht Joer war dëst Event zu Nidderaanwen an dëst Joer wäert d'Konferenz, a Presenz vun der Ministesch fir Digitalisierung a fir Fuerschung an Héichschoul, der Madamm Stéphanie OBERTIN, stattfannen. Weider Detailler heizou kritte de Gemengerot deemnächst kommunizéiert.
- Den 19. Januar organiséiert den FC Minsbech säi mëttlerweil traditionelle Mullesonndeg am Centre.
- Duerno gëtt dann zu Schëtter Theater gespillt an zwar op folgenden Deeg:
  - Samschdes, de 25. Januar owes
  - Sonndes, de 26. Januar mëttes um 16 Auer
  - Freides, den 31. Januar owes
  - Samschdes, den 1. Februar owes

Als Lescht ass dann hei nach den Datum vum nächste Gemengerot, an zwar ass dat mëttwochs, den 29. Januar wéi gewinnt um 17 Auer hei am Sëtzungssall



All dës Evenementer kënnen och am Kalenner op der Gemeng Schëtter hirem Internetsite consultéiert ginn.

- Doriwwer eraus gëtt den Här Buergermeeschter nach follgend Informatiounen:
- Ab dem 1. Januar 2025 triede fir de Populationsbüro an den État Civil nei Öffnungszäiten a Kraaft :
  - Méindes : 08h00 – 11h30 / 13h00 – 16h00
  - Dënschdes : 08h00 – 11h30 / 13h00 – 16h00
  - Méttwochs: 08h00 – 11h30 / 13h00 – 16h00
  - Donneschdes : 08h00 – 11h30 / 13h00 – 16h00
  - Freides : 08h00 – 14h00
- Op Rendez-vous \*:
- Dënschdes : 16h00 – 18h30
- Freides : 07h00 – 08h00
  - \* D'Ufro fir de RDV kann een maachen iwwer Telefon (35 01 13 - 250), iwwer E-Mail (population@schuttrange.lu) oder iwwer www.schuttrange.lu/Deadline: den Dag virdrun um 12:00
- Wat de Marquage am Kiischtewee um Neihaischen ugeet, krut de Schäfferot vill positiv Retouren, awer och eng oder déi aner Reklamatioun. Deene Reklamatioune geet een elo op de Fong an da gëtt, wann néideg, de Marquage ugepasst. Dat war och ursprénglech de Sënn vum Projet. Am Januar kënnt de Schäfferot da mat der Upassung vum Verkéiersreglement an de Gemengerot. Wann dat da bis gestëmmt ass, gëtt den definitive Marquage gemaach. Esou bal d'Reglement da vun der staatlecher Verkéierskommissioun approvüiert gouf, geet et uschléissend an déi repressiv Phas. Effektiv kënnt ëmmer nees eng Problematik ob, well aktuell net ka garantéiert ginn, datt de Wanterdëngscht, a méi wichteg nach, de CGDIS am Noutfall och mat méi grouse Gefierer an d'Strooss kënnt. Et geet net drëms, am öffentleche Stroosse-raum Parkplaze virun engem sengem Haus ze reservéieren. Laut dem Bautereglement misst all Stot och op d'mannst zwou Parkplazen op sengem Grondstéck hunn.
- Bezüglech dem Weekräiz zu Iwwersiren kritt d'Gemeng e Subside fir déi zousätzlech Käschte fir d'Installatioun. Dës Demande gouf dann och schonn an der Tëschenzäit bei der INPA gestallt. Et kann awer sinn, datt een do nach ë bëssche waarde musse ier een e Retour kritt. Duerno eréischt geet de Chantier virun an d'Kräiz gëtt nees op seng ursprénglech Plaz gesat. Dat wäert dann awer éischter am Fréijoer sinn.
- Dann ass och den neie Ressourcékalendar do. Niewent engem neien, méi flottem a prakteschem Layout, sinn an dëser neier Versioun och schonn d'Datumer fir d'ganz Joer agedroen. An deem Kader kënnt et dann och zu Ännerung wat d'Deeg betrëfft, op deenen d'Poubellen eidel gemaach ginn. Déi gréng an déi gro/ schwaarz Poubellë ginn ab Januar all Donneschdeg zesummen eidel gemaach. Déi blo an déi giel Poubelle, also Pabeier a Glas, gi jeeeweils an der leschter Woch vum Mount freides eidel gemaach. De Virdeel ass, datt ee seng Poubellen net esou oft erausstelle muss an esou den Trottoir manner oft duerch d'Poubelle blockéiert gëtt. Wéi am Cahier des Charges präziséiert, probéiert de SIAS awer och weiderhin ze garantéieren, datt d'Poubellen, nodeems se eidel gemaach goufen, nees uerdentlech zeréckgestallt ginn. Déi blo Tute ginn och weiderhi méindes agesammelt, allerdéngs eréischt méi spéit am Dag. Dës soll verhënnern, datt déi blo Säck an der Industriezon scho freidesowes erausgestallt ginn. Doduerch klëmmt nämlech de Risk, datt iwwert de Weekend Déieren d'Säck futti rappen an esou de ganze Knascht op der Strooss an um Trottoir läit.

# 1.

## Gemegefinanzen

### 1.1. Adoptioun vum Budget rectificié vum Exercice 2024

Nodeems de Budget rectificié 2024 an de Budget 2025 am Detail vum Buergermeeschter a vum Schäfferot an der Gemengerotssëtzung vum 27. November virgestallt goufen a sämtlech Erklärungen an Observatioune vun alle Membere vum Gemengerot gehéiert goufen, ass de Budget rectificié vum Exercice 2024 eestëmmeg ugeholl ginn.

	ORDINÄRE SERVICE	EXTRAORDINÄRE SERVICE
Total vun de Recetten	26.901.141,84 €	3.015.617,77 €
Total vun den Depensen	18.854.422,38 €	12.215.677,24 €
Iwwerschoss fir d'Geschäftsjoer	8.046.719,46 €	
Defizit fir d'Geschäftsjoer		9.200.059,47 €
Präsuméierten Iwwerschoss Enn 2024	15.434.320,69 €	
Präsuméierten Defizit Enn 2024		
Allgemengen Iwwerschoss	<b>23.481.040,15 €</b>	
Allgemengen Defizit		9.200.059,47 €
Transfert ord./ extraord.	- 9.200.059,47 €	9.200.059,47 €
Definitiven Iwwerschoss	14.280.980,68 €	

### 1.2. Adoptioun vum Budget vum Exercice 2025

Op Basis vun den Avisen, déi d'Schoulkommissioun an d'Finanzkommissioun de 14. November 2024 respektiv den 9. Dezember 2024 opgestallt hunn, an nodeems d'Stellungnam vun alle Membere vum Gemengerot gehéiert gouf, huet de Gemengerot de Budget vum Exercice 2025 eestëmmeg ugeholl.

	ORDINÄRE SERVICE	EXTRAORDINÄRE SERVICE
Total vun de Recetten	27.578.587,00 €	6.668.109,00 €
Total vun den Depensen	19.312.117,20 €	26.819.367,53 €
